

# ERENERONG UN DEN STREIK

ETTELBREK DEN 31·8·42

FUM HENRI MÜLLER

# Erenerong

un de

# Streik zu Ettelbrek

den 31. August 1942

fum Henri Muller

1945
DREKEREI N. BRACHMANN · ETTELBREK

*Den organisatiounen*
*Ons Jongen, Unioun*
*an L P P D dedieiert.*

VERKAAF ZUM PROFIT FUN DER «OEUVRE DES PUPILLES DE LA NATION»

Ze bezeïen durch d' drekerei Brachmann, Ettelbrek.
Ferkaaf an alle librairien

# Firwurd

*De but fun den heien erenerongen as et, dem lieser deï wiesentlechst faien fum 31. August 1942 a senger direkter follegzeit, mat all senger angst an all sengem terror, erem eng keïer fru senge geestegen aen erlannst zeïen ze lossen. Si erhieven net deï manst pretentioun op follstennegkeet, deï ivregens wieder meïglech as nach neïdeg, fir d'stëmong fun diene grujelegen deeg erem ze gin. Durgeïnt borneïeren se sech drop, neme wouer faien mat gewëssenhafter geneeheet duur ze stellen. Se bezwecken aver och net, d'heroesch haltong fun desem oder diem erfir ze streichen an domat eng ongesond ambitioun ze befriddegen. Nemen deï personnage gin durfir mat hirem wirkleche familjen- a firnumm genannt, deï allgemeng am gudden oder slechte sën an der erënerong fun der Ettelbreker populatioun fest sëtzen. Deï aner nimm allegur sin erfonnt.*

*Det bichelchen ass publizeïert gin zur anniversaire-feier fum streik, dien den 31. August 1942 zou Ettelbrek ausbrouch als protest geïnt de Preisen hir fëlkerrechtswidreg annexioun fum land an d'afeïerong fum obligatoresche militair-dëngst fir d'Letzeburger an der preisescher armeï.*

*Ettelbrek, den 9. August 1945.*

## Orthographesch uweisongen

D'schreivweis fun desem bichelche bemeït sech, der eegenart fun der Lëtzeburger sprooch gerecht ze gin, a steipt sech net eeseiteg op d'regelen fun cïeren enger friemer sprooch weï z. b. op deï houdeitsch. All eenzel regel derfun as streng wëssenschaftlech begrëndt. Fir dienen, deï an der lies-konst am allgemengen net esou doheem sin, d'saach kammoud ze maan, siev hei d'ausprooch ugi fun alle boustaven, deï alt emol an zweivel kënte feïeren:

*e* (frun engem eenzelne konsonant) = ö (kurz): nemen, felen, stepelen, kenen (= können).

*e* (frü meï konsonanten) = ä (kurz): schellen, eppes, menner, kennen, fresch (= der Frosch).

*ë* (fru meï konsonanten) = ö (kurz): frësch (= frisch), grëndlech, frëndlech.

*ek* = ék: glek, Ettelbrek, drekerei.

*ee* = weï de franseïschen *é*; feelen, ech weess, e breede wee (= ein breiter Weg).

*ei* = weï *ei* am deitschen oder weï *äi*: nei, weisen, jeizen, kreischen.

*eï* (mat tréma om i) = weï *e'* an anere systemer: freï (= früh); speïd (= spät); meïglech (= möglich).

*ou* = weï *o'* an anere systemer: de roude leïw; gouereg; et as net wouer (= es ist nicht wahr).

ie = i + e (i an e sonner gelies; keemols als laangen i weï am deitschen).

ii, uu, oo, aa: deenong nemen durch ferduobelen.


v = weï w: *aver*; *dreiven*; *iverall*.

w = weï am deitschen (meest um ufank fum wurd): *waasser*; *wielen*; *wou*?

s (frun engem konsonant) = emer weï sch: steen, gelies: schteen; speizen, gelies: schpeizen; swetzen = schwetzen; gesmolt = geschmolt.

Well den st an den sd geweïnlech weï scht gelies get, schreive mer net „de beschten", mee „de besten", net „den eïschten", mee „den eïsten", net „e samschdeg", mee „e samsdeg". Da ka gidwereen deï wirder, dem gebrauch fu senger geïgend no, liese weï e wëlt.

# LETZEBURGER




TREI ZUR HEMECHT TREI ZUR KRON

**LETZEBURGER!**

E gro'sst Ongleck stéht eiser le'wer Hémecht bevir!

Wat mir als onme'glech betruocht haten, wat eise Mamme beim blo'sse Gedanken d'Hierz zum Stoe wollt brengen, schengt de Gauleiter Simon, de bluddegen Tyrann, ge'nt eist hellegt Recht fir eist aremt Land beschloss ze hun: D'Wehrflicht fir eis Jongen a Männer, an anere Wierder der Do'd fir eis Kanner an de Steppe vu Russland! An dat op der Seit vun Deitschland eisem Erzfeind zenter d'Welt bestéht.

Letzeburger, denkt drun wat eis Regierong eis vu London aus zo'geruff huot, datt mir op der Seit vun England a sengen Allie'erten am Krig stin ge'nt Deitschland an datt et eis Flicht ass, all eis Kräften, so'guer eist Liewen der gemeinsamer Sach ze opferen.

**LETZEBURGER!**

Er Flicht ass et also dem Gauleiter mat alle Mettelen entge'ntzetrieden an Widderstand ze bidden!

Fallt ne op de Schwindel vun der Massendemonstratio'n vun e Sonndeg ran, wo' hén (Mat-Hellef natirlech vun dénen 100 000 Preisen, de' hén aus dem „Reich" komme geloss huot) der öffentlecher Ménong beweise wöllt, dat Letzeburg op der Seit vun Deitschland stéht!

Macht Oppositio'n, a wann de Gauleiter sei Verbrieche sollt begoen, **d'Anexion oder d'Wehrflicht** proklame'ert, dann äntwert mat dem **Mai.**

All Fabreken, Geschäfter, Cafés, etc., all Verwaltongen a Betrieber hun ze schle'ssen! Kén op seng Arbecht! Jidder Verke'er op den Eisebunnen an de Strossen ennerbonnen!

Macht et we' den 10. Oktober 41:

Léscht geschlossen den „Einberufungsschreiben" an de „Stellungs-Befehler" Widderstand! Enegkét mecht stark!

't géht em eis hellegst Rechter! 't géht em eis Jongen a Männer!

Nidder mat der preisescher Tyrannei!

**VIVE LETZEBURG! VIVE EIS GROSSHERZOGIN CHARLOTTE!**

(Vun Hand zu Hand weider) Lothr. Dr. Verlag.

*D*et plakat gouv den 1. september 1942 fun de Preisen op all telephons-steil, op all pard, an allen ecker affi-cheïert, fir de Letzeburger d'doudes-angst anzejoen. Genee zwee joor meï speïd, den 1. september 1944, wor de Preisen sou eng doudes-angst agejot gin, datt bei all telephons-steil, frun all pard, an allen ecker Preisen a gielemennercher mat ronn opgeballte kapzichen a moukegesiichter op den trottoire gebruckt hun, drop ze warden endlech, am materielle sen, de wee „heim ins Reich" ze fannen. Den 1. september 1944 huot dieselvegte kreis-leiter erem seng stem, weï beim streik, iver d'ëffentlech haut-parleure schale geloss, aver des keïer, fir d'Lucifer's eddis-ried frum eerzengel Michael ze halen. „Par un juste retour des choses", weï et an der prophezeiong stong, deï d'Letzeburger an de joren 1940 bis 42 sou wonnerbar an der riicht gehalen haat.







*D*eï hei reproduzeïert affiche, op deer d'fëlkerrechts-widreg ermurdong fun zweïn Ettelbreker streikbedeelegter fun de Preise mat sarkasmus an-nonceïert wor, hong de 5. september 1942 mures freï un alle stroosse-krei-zongen. Dien daag — et wor e sams-deg — hun d'preisesch" agente mat schuodefreed doremer gepëspert, de meïndeg drop geïven nach eng sex Ettelbreker om plakat stoon. Eppes wor wouer drun: Meïndes, aver zwee joor derno, den 11. september 1944, hong daat selvegt plakat erem do, des keïer mat roud-weiss-bloe bennercher encadreïert a mat der stolzer iver-schrëft: „GEFALL FIR D'HEEMECHT".





*Michy Dax*

## Zweïn helden

Durch an durch Letzeburger, d'hirz foller plange fir nom krich, lossen zweïn Ettelbrëker jongen, den Dax Michy an Thull's Jengy, hirt heerzbludd fir hirt Letzeburger ideal, am alter fun 22 joor. Den 31. august 1942 fun de preisesche bluddhonn ferhaft, gouve si fir 't eïst ferbrigelt, an net laang derno erschoss. D'ursaach: Trotzdiem se puur mol averteïrt gi woren, waren se net op hir



Jengy Thull

*arbecht, ob d'bunn, schaffe gaangen. Hire Letzeburger kapp, hire feste charakter, huot se daat lest kast. E puur wochen drop kreïen deï sweïer getraffe familjen dienen helden hir kleeder an zivilsaache fun der Gestapo, mat engem seïsse lechelen an de preisesche fanatesche gesiichter an 't haus bruocht.*

*Dax Michy, Thull Jengy! Ert land weerdt iech kees fergiessen!*

*Jeng Schoug.*





Felix Lux



Yvo Kerger

## De Felix Lux an den Ivo Kerger

*Wou ivert en Ettelbreker resistenz-akt rieds geet, do trieden direkt des zweï nimm an de fiiste plang. Well s'allebeïd net an onser mëtt sin, as et wuol net geïnt de princip fun der modesti ferstouss, wa mer hinnen an desem bichelchen en extrat, dankbart wurd widmen.*

*Luxe Felix, a bestenneger relatioun mam deuxième bureau de Nancy, wor fun de Preise gepezt gin an enerwee no Köln der Gestapo ivert der fart aus dem zuch gesprong. Mat enger sweïerer wonn un der stir huot hie sech fenef deeg laang firu, bis ivert d'letzeburgesch grenz, gesleeft a sech bei enger grupp refractaire ferstoppt. Bei enger scheïsserei tëschent Letzeburger jongen a preisescher polizei gouv hien den 3. august 1943 bei Heischend erschoss.*

*Kergesch Yv wor an der okkupatiouns-zeit d'seïl fun enger Ettelbreker resistenz-grupp. Weïnt senger eifreger aktiviteït geïnt d'oppresseuren gouv hien am october 1943 an t' kazett geklaakt. Bis elo as nach keng definitiv noriicht ivert sei befannen hei ukomm. Mee fun deïvstem heerze wënscht ganz Ettelbrek diem beste fun de patrioten en hurtegen a froue retour.*

*O heïert, weï et dreet an donnert!*
*Geïnt d'freiheet stirme beïsesch geester!*
*Dach d'heemecht rifft no joer-honnert:*
*„Ech si wuol kleng, mee frei a meester."*
*Keen neid, keen haass ons hirzer droen:*
*Ee klenge ka kee grousse sloen.*

*Wann op der welt eeen as net ureg,*
*Dann as et die fu Letzebureg.*

*(Yvo Kerger, 1939).*

## I. - *En Donnerwieder um Unzock*

Em d'mëtt fum August 1942 geet et hei fu mond zou mond: „Weess d'et schonn? D'Preise wëllen elo definitiv d'„Wehrpflicht" afeïeren! 'T soll schonn op der gemeng leien." Aver fill aner rumeuren, dax deï widerspreechendst, begeïnen desen eïsten an opregong higeworfene setz. „Se riskeïeren sech es net. Se wësse wat et da get", heïert een an engem eck pësperen. En anere mengt an der uucht nom ovlaustere fun der BBC-emissioun: „Se sin alles am stand. Alles probeïeren se, fir ons an 't onglëk ze geheien". „Ma neen! De „Gauleiter" huot jo am Mee officiell behapt, d'Letzeburger wiren „Angsthasen", a wann et esou weit keïm, datt daat grousst a muochtfollt deitscht Reich sou eppes a senger armeï breicht, da wir de krich fir d'Preise ferluur. A waat kënnt die grapp foll Letzeburger en helefen? Eng drëps waasser mecht 't miir net meï grouss? Geïven si ons anzeïen, da wir et net fir sech selver ze notzen, mee fir eng satanesch freed un onse qualen ze befriddegen." Op deï maneïer raisonneïert ee liichtgleevegen hannert dem humpen.

D'resistenzler sichen a furschen a spionneïeren, fir aus all diem doruochter d'wouerecht eraus ze plëken. Am butek fum Robb kënnt de 17. August eng grupp zou deer heier konklusioun: „Well de Gauleiter fir den 30. August eng besonnesch „für die Zukunft Luxemburgs entscheidungsvolle tagung" annonceïert huot; well iverall am land eïereparde sti mat der opschrëft: „Luxemburg deutsch, wehrhaft und frei"; a well d'Preisen zou den deivelzegste crime kapabel sin, durfir as et fir ons sëcher, datt hien ons e Sonndeg, den 30. August, eng extra gliddeg zoosiss wëllt sleken dongen. Mir wëssen, datt e Sonndeg den obligatoresche militair-dëngst proklameïert get."

„Et himmelliicht scho fu feeren", seet de Joss. „E preisescht donnerwieder weï nach kees kënnt durch d'loft gekruobelt." — „Loss mer alt scho no engem blëtzovleeder kucken!" suggereïert den Heng. „Jo", pëspert de Joll, „mee d'eerd fun esou engem instrument durf kee rass hun, soss as d'gefoor duobel." — Den Heng: „Mir ferstin: Et bleivt es weider neist eweï de streik. Aver die muss op ee coup do sin, onerwardt fir d'Preisen; 't ganzt land muss solidaresch derbei sin; well eng eenzelaktioun wir ouni sënn a kënnt onheemlech fatal ausgoo fir seng urheber." — „Fir d'solidariteït z'erreechen, muss eng eenheetlech parole eraus goon!" — „Eng heemlech circulair as ze publizeïeren, mat opkleerong iver de Preisen hir ferstoppt intentiounen an opfurderong zum streik."



## II. - *E Bletzovleeder get ageriicht*

„Da loss mer agoon", seet donnesdes nomëttes, de 27. August, de Joll zum Heng. Si speeren d'dir fum sall op. Am ganze gebei as soss keng seïl. Fun de sallwenn, fum schaaf, durch d'fënsteren, scheng: et luos ze grommelen: „Jongen! Erem eng keïer op heemleche ween! Passt op!" Den Heng mëcht de schaaf op, fir no pobeier ze sichen. Aus enger kartongskëst laachen al roud-weiss-blo pobeierfendelcher ënert dem halev oppenem deckel eraus. Hie mëcht den deckel fun der fendelskëst op. Deï fendele swetzen hir eege sprooch. Ons zweï kadette ferstin se dese moment: „Sou as et richteg! D'tyrannei soll firsiichteg maan, aver net baang. Courage!"

De Joll an den Heng setzen sech. E koup schreivblieder frun hinnen. De bleistëft am grapp. Deï richteg gedanke komme sweïer, obwuol se all deï lest zëng deeg erdurch hirt gehiir derno durchwullt a bei all geleenheet heemlech mat eneen driver gepëspert hun. Et sti schonn e puur setz om blaad. Hopp! Alles erem ausgestrach! Nei ugefaangen.

'T klappt een un d'dir. Deï beschrive blieder ferschwannen an der boxentesch. Den Heng dreït firsiichteg de slëssel em a mëcht op. . . . „Ah, du bas et, Joss." De Joss smunzelt, woubei sei mond sech schif stellt a reetselhaft zuckongen em sei swarze snurres krivelen. Dann iverkuckt en den ziedel, dien de Joll em reecht, a freet: „Wat hut der nach wëlles ze schreiven?" Ouni op d'entwert ze warden, fenkt en un ze swetzen an ze swetzen: Iver d'smot, deï d'Preisen ons undoon, ivert hir gripsegkeet, hir ligen, hir bluddgir; ivert ons flichte geïnt d'heemecht. Sou fergeet eng stonn. En huot filles gesot, wat net hir passt; en huot filles zweedreimol repeteïert. Mee dem Joll an dem Heng hir idie sin derdurch fill meï kloor gin. An ewell get am handemdreïen dien hei text opgesaat an a chiffreïerter schrëft opgeschriv:

„DIR PREISEN! Erënnert iech, wat der bis elo onsem land geschenkt hut: KZ a prisong, knut an terror, neme sougenannt flichten, mee keng rechter. A woumadder maacht dir iech eer geschenker bezuolt? Onse botter, ons eer losst der iech esou gudd smaachen, datt ons ratioune fun daag zou daag meï kleng gin. Aus onsem lieder schoustert dir deï schong, mat dienen der geïnt ons frënn, d'Englenner, d'Amerikaner an d'Russen, marcheïert; an d'sweerter, deï der aus onsem eise smiidt, keïert der geïnt ons menner, fraen a kanner. Ons treïnen an onst bludd stëllen eer folterglost.

„Dir swetzt fu flichten, deï mir iech geïntiver hetten! Flichte wurweïnt? Fleicht weïnt dienen uove genannte geschenker? Weïnt onsem fertrauen an deï scheïn zoukonft, deï dir ons ze snepele ferspriecht? Sou dax weï dir ons erem eppes neies ferspriecht, denke mer emer direkt un daat hei: Dir haat ons den 10. Mee 1940 gesot, dir geïvt ons territorial a politesch onovhengegkeet „in alle Zukunft" respekteïeren. Zitt iech eenzock erem aus onsem land

zerek a losst ons a rou. Da gleeve mer iech fleicht hei an do eppes. Datt der de krich ferleïert, huot de gauleiter jo selver agestan, weï e geteïnt huot: „Wa mer sou weit sin, datt mer die grapp Letzeburger an onser armeï brauchen, dann as de krich fir Deitschland ferluur.

„DIR LETZEBURGER! De gauleiter weerdt den 30. August d'„Wehrpflicht" afeïeren: Daat flagrantst ferbriechen, daat je geïnt d'international rechter begaang gouv! Zënter datt ons regeïrong zou London de Preisen de krich erkleert huot, sti mir officiell als zaldoten an den Allieïerten hire reien. A wann d'Preisen ons an hir armeï wëlle pressen, da kënnte mam selvegte recht z. b. d'Englenner hir preisesch krichsgefaangener geïnt Deitschland an d'sluocht feïeren. Wien aver geïnt sein eegent land d'waffen dreït, fir dien as d'doudesstrof.

„De Preisen hir procédée sin ons bekannt: Si zeïe bestëmmt d'Lëtzeburger net all mat eneen an. Se lossen emer enger parti d'hoffnong, se kënnte fleicht net un d'rei kommen. Sou sichen se d'oneenegkeet enert ons ze niren an onse widerstand nidder ze halen, bis datt et ze speïd as. Durop fale mir net eran. Et geet em 't wuol fun alle Letzeburger. Eeneg a courageïert musse mir ons durfir zur wiir setzen, sou laang et nach zeit as.

„Fir een, dien ons wëllt an den doud dreiven, schaffe mir net. Soubal durfir de gauleiter d'„Wehrpflicht" proklameïert huot, get direkt gestreikt: Keen arbechter, kee bauer, kee beamten durf schaffen, keen zuch furen a kee butek op bleiven. De Preis weerdt wuol mat diene scheerfste mëtele firgoon. Aver wann et nun eng keïer soll fir onst lieve goon, da gi mer leïver heiheem fir heemecht a freiheet an den doud weï fir ons feinden."

Et gouv ovgemaach, datt de folgenden daag, geïnt 4 auer nometes, desen text fum Joll a fum Heng hektographeïert geïv, fir dann als flugziedelen ferdeelt ze gin. Mee den aneren daag, also freides, kruut de Joss e ganze koup feerdeg gedrëkt circulairen an 't haus bruocht. Hie koum direkt mat enger parti derfu bei den Heng a sot: „Deï hei ziedele si wuol me' kurz gehale weï ons, se hun aver den avantage, datt se prett zur ferdeelong sin. Fir keng zeit ze ferleïeren, as et am besten, der losst einstweilen 't hektographeïere sin a ferdeelt deï elei."

Mat der ferdeelong gouv eenzock ugefaangen. De Jeng haat ganz besonnesch freed dermat. Eng grouss zuol huot e fir Ettelbrëk zerëk behalen a se ferschidde fu senge resistenz-frënn fir d'ferdeelong fun haus zou haus ivergin. Durno mecht en eenzelner fun den trakten an enveloppen a schëkt se durch d'Post op Eisleker dirfer. Mat e puur frënn zesumme mëcht e feïer peck mat den adressen: Dikerech, Iechternach, Veianen a Reïden. Engem buot get en deï feïer peck mat op Dikerich, fu wou aus se un hir destinatiouns-plaaz firu geleedt gin. A gidwer paak stong op engem beigeluogtem pobeier: „An der nuocht fun e Samsdeg op e Sonndeg ze ferdeelen." Deï puur wurd wore fum Jeng a sengem frënd Nekel mam krayong esou duur gekrozelt gin, datt



d'boustave stark no lënks lougen, fir datt een d'schrëft net kennt erkennen. D'infirmière Ketty surgt derfir, datt en deke paak fun de genannten circulairen op Letzeburg geet.

Weï nach anerer aus der resistenz, gonge samsdes oves de Jeng an den Nekel mat engem keïpchen ziedelen an der tesch op den trapp. Hir trëtt konnt ee kaum heïeren. Weï zweï schiede wëschen s'iver den trottoir. Do dabberen s'an e café eran. Presseïertheet leit op hire gesiichter. Eng gedrëkt stëmmong fëllt de sall zum platzen. D'zuol fun de gest as meï kleng weï geweïnlech. Ee fun hinnen zeckt mat forceïertem humor de Jeng: „Huos de wëlles hënt speïd heem ze goon? Huos de deï gro tennis-slappen ugedoon, fir datt deng al deeh net soll heïeren erakommen?" — „Dreiv de spunnes mat dengen ale schong, an net mat menge neie slappen! Ech haat deï grad doheem ugedoon, du kruut ech idi, fir mol kucken ze kommen ob et den ovend kee glaas wei geïv. Do wor et net derweert, fir nach laang schong un ze dongen. „Dem Nekel seng plomp schong falen och op an hu ferdeivelt dëck gummis-suolen. Seïer drënken deï zweïn hire patt wein aus a maan sech op den tuur. Do, wou et fun der Groussgaass an d'Nordstrooss era geet, gi se fun eneen. Ne Nekel fatzt durch d'Nordstrooss. Frun engem haus ouni firgard bleivt e stoon. No alle seite luusst e presseïert hin. E krivelt eng keïer an der bannenzeger paltongstesch. A wupp! glëtscht en eppes ënnert der dir eran. Sou mecht en et elei an elo an dohannen. Sou mëcht och de Jeng a fill aner resistenzler et. A fill Ettelbrëker erëneren sech, datt se mures om buodem fum gank e smocken ziedel fonnt hun. D'entête huot d'freiheets-sonn an e klinzegen emrëss fum letzeburger land durgestallt. Am circulaire wor als keersaaz ze liesen: „Wann de gauleiter sei ferbrieche sollt begoon, d'Annexioun oder d'Wehrpflicht proclameïert, dann entwert mat dem Mai." Mai wor en drockfeeler a sollt eigentlech heeschen: „Streik". Mee d'Ettelbrëker hate ferstan. Daat weerdt sech am laaf fun desen ausfeïronge weisen.

## *III. - Ferzweivelt Ferbruodheet enert der Populatioun*

Et wor kloor, datt den nexten dag, den 30. August, neme weïneg leid — et woren der 19 — mat op deï nazistesch manifestatioun an der staad gongen. Fun der resistenz gongen der express zweï mat bis frun d'Expositiouns-hal om Lampertsbirg, fir sech direkt om kurang ze halen. Am ivrege blouven och all deï hei, deï soss alt emol de Preisen deï eng oder deï aner kleng konzessioun gemaach haten, fir sech an hir famill ze retten, a fir soufill meï ongesteïert hir heemlech aktioune geïnt d'Preisen organiseïeren ze kënnen. Do, wou et wirklech weert haat, gouv resistenz gemaach, och wann et bal secher wor, fun de Preise gepezt ze gin.

Am firmëtteg fun diem historesche sonndeg gesouch een nach hei an do een hoffnongs-quonk aus de gespreïcher blënken: „Fleicht begeet de

gauleiter sei ferbriechen dach net." Weï et aver am nomëtteg bekannt gouv, datt dat slëmmst agetratt wor, dunn as d'indignatioun iver gelaaf. Deï mat smot besabbelt spëngele gin aus tirangen an tesche gerappt an an d'Uolzecht oder op eïeren een drecks-koup geheit. Fill awunner trepele mat bleeche gesiichter ivert strooss a wee, mat fra a kand, op d'Hardt, op d'Nuck or an „d'Buchen", fir hire miseer ze fergiessen. Anerer seze frun hirer dir op enger benk ze zabbelen an hirer roserei durch erfir gestottert sprëchwirder, weï deï elei loft ze maan: „Fr . . . sollen deï schuppseck! Der deivel soll se huolen! Wa mir musse kapott goon, da soll et diene seckdreïer aver och net gudd goon". De Jang, die soss esou reserveïert, 't kann ee soon driipseg as, kënnt de Kneppchen erov de „Feierwon" esou hard jeizen, datt et de kuoben an de kaveechelcher baang get. An die soss esou guddmiddegen a gedëllege Pir wenzelt mat senger fra a sengem beïvchen laanst d'Wark, a rappt op eng keïer — hie weess selver net wurfir — dem kand sei ball aus der hand a geheit en, rang, an 't waasser. D'ferbruodtheet enert der populatioun kritt en onheemlech bedreelche karakter. Durfir wonnert kee sech, datt et op eemol heescht, den heer Humerich, „Amtsbürgermeister" fun Ettelbrek, hett sech durch d'peif gemaach. Hien huot et wuol als fir seng perseïnlech sëcherheet firdeeleg ugesin, emol esou eng kleng exkursioun „heim ins Reich" z'enerhuolen a fun do aus ovzewarden. Hien haat sech bis dohin net als en 100prozentege nazi gewisen, an en huot wuol gefaart, daat wat em bis zou 100 prozent geïv feelen, känt hien, dank den ëmstenn, des deeg fum folleks-mond zougesprach kreïen. Daat huot him geferlech geschëngt. Seng onresolut haltong bruocht him d'disgrâce fun dienen 100prozentegen an; hie gouv geswen drop ovgesaat.

## IV. - *Eng Uucht mat Galgenhumor*

Oves fum 30. August kommen de Joll an de Léon mat hire fraen bei den Heng uuchten, fir iver de streik den aneren daag ze swetzen. Sou grujelech teïn eweï dien ovend woren nach kees aus hirem mond geflun. Dem Heng sei vocabulaire schefft bal nemen aus der zoologi: 'T swein, 't iltis, den iesel an esougur 't kenguru kommen zou onerwardten eïeren. D'verben aus dem deïere-reich, weï „frecken" a „freessen", gin all moment repeteïert. Deï rengste naturgeschichts-lektioun! Fun zeit zou zeit get och de Léon seng nei-kreatiounen zum besten a swetzt dobei nach meï durch d'nuos weï geweïnlech. Seng fra sleift fun opregong mat de feïss iver de buodem. An de Joll ka sech net genuch driver entsannen, datt den Heng seng ganz bildong ferluur hett. „Hess du se dann alt neme fonnt, dann hess du weïnegstens eng", knoutert den Heng. „'T ass egal. Ewell get deï best flesch wei gedronk, deï mer nach am keller hun. 'T geet jo dach bei der deivel." An da get gedronk a gebraddelt a gediedegt. Eng flesch no der anerer kënnt op den dësch. Iver dem geswetz get 't ferbriechen „des Abhörens auslän-



discher Sendungen" begaang. Du rabbelt eppes un der rolluod. „Seïer de radio aus!" rifft dem Heng seng fra sou hard, datt een et wirklech debaussen hett kënnen heïeren. „Dajee, dajee!" jeizt et dobaussen. De Joll an den Heng stirmen op d'baussenzeg dir. „Verdunkelung! Verdunkelung!" get erem geruff. Du fellt e steen dienen zweï fum heerzen. Se gin aus a gesin, datt e puur late fun der rolluod ze weit aus enee stin. Diem get seïer ovgehollef, an da firu radio gelaustert, geflucht geïnt d'Preisen a getuddelt a gestepelt. An da laang laangeg op deï bekannt melodi desen text gebleert:

„Ons as alles, alles, alles sch . . . egal.
Fir dem Preis ze schuoden as et kees ze bal.
Gi mir och gepëngegt fun tyranneband,
Da wëlle mir et leide fir onst heemechts-land.
Durfir as ons haud och alles sch . . . egal,
An alles, alles, alles, alles sch . . . egal."

Dobei get bis drei auer mures geschunkelt, datt d'glieser fum dësch falen.

## V. - *Den 31. August, tëschend 7 an 8 Auer mures*

Alles wardt mat zidderen op den eïsten zuch, dien em siven auer fu Letzeburg komme soll. Wann en net kënnt, wësse mer, datt d'freiheets-parole weit ivert 't land ferspreedt as. Kënnt en aver, da steet et fest, datt an der staad alt emol net gesreikt get. Scho freï sin dese muren och deï opgestan, deï net grad de numm „Freï-op" hun. D'onrou huot s'op gedriven. Se beselen ivert d'stroossen. Se pësperen hei an do e propaganda-wurd fir de streik. Si erzielen opgeregt fun heemleche flugziedelen a probeïeren, een diem anere courage ze maan.

Em siven auer leeft den zuch fu Letzeburg an d'gare. O mamm! Wat eng deceptioun! Mir stin also eleng!

Frun der kirch sti feïer frënn bei eneen. D'sonn as um gaang e feerterege nievelchen op d'seit ze drëken. Fun de gesiichter drëpst de sweess. „Wat fir ee weert huot onst bemeïen elo nach? Een eenzelne widerstand kann elei nemen zum doud feïeren. Mer kenne jo de Preisen hir brutaliteït. 'T lieven aver durf een nemen asetzen, wann derbei eng aussiicht op ee gewonn fir 't land as. Soss schuodt een der heemecht, well een s'em ee gudde Letzeburger weider brengt." Daat alles get luos gesot. En aneren ergreift 't wurd: „Richteg! Mee wann dann Ettelbrëk eleng ener sech eeneg as! Dann donge mer d'Preise schonn dichteg lafen. An- 't kënnt emer eppes derbei eraus fir d'heemecht."

## VI. - *'T get gestreikt!*

Em aacht auer as d'decisioun allgemeng getraff. Ferschidde „Gefolgschaftsmitglieder" bleiven eefach doheem. Anerer, membere fun alle beruffer,

gi leïver durch d'urtschaft demonstreïeren. Am sonndesse gezei, deelweis mat roud-weiss-bloe reck, paradeïeren d'gemenge-beamten frum staad-haus op an ov. Durch d'stroossen zeïe ganz processioune fun arbechter. Op der schoulplaaz gin d'leïerpersounen mat anere leiden, sonndes ugedoon, hin an hir. Op eemol kommen e puur kanner erbei gedabbert a ruffen an enger freed: „Elo grad as eng fra laanst gaang, deï sot, d'Amerikaner wiren zou Esch gelandt." D'schoulmeestere schëken d'kanner heem an hun eng ausried bei hand fir de fall fun hirer arrestatioun.

Am park frum spidol huot d'infirmière Ketty hir kolleegen a kolleeginnen zesumme geruff. Zou 97 stin se do: 5 membere fun der direktioun, 6 aus dem technesche service, 59 infirmieen, 27 infirmièren. Ee moment as alles roueg. Deïv zitt 't Ketty den otem a fenkt dann un: „Mir kënne wuol net eefach streiken. Ons arme krank kënne net eleng geloss gin. Mee wat mengt der, wa mer d'VDBs-karte geïven aschëken?" 4 mann aus der direktioun, 5 fum technesche service, 50 fun den infirmieen an 23 fun den infirmièren leen dem Ketty deï ferhaasst kart an de grapp. Eng stem aus der mass klënkt iver d'kepp: „Hett der och geeren d'spëngelen?" Am nu sin och deï spëngelen ovgelivert, deï net schonn op den drecks-koup geflu woren.

Et get neng auer. D'buteker an d'atelieen bleiven zou. Aus de fabriken heïert een de gewinnte machine-kammeïdi net. Un den telephone get ugefrot op Letzeburg, op Dideleng, op Dikerech, op Elven, ob och do de streik geïv fonktionneïeren. Fun iverall kommen ausweichend entwerten. An emer erem sichen deï Ettelbreker diene genannten urtschaften courage ze maan, den Ettelbreker hirt exempel no ze maan. An der tëschen-zeit geet de streik an alle betriber weider.

Em neng auer kënnt de kreisleiter Jakobs fun Dikerech mam ortsgruppenleiter Hoen an 't staadhaus. De kreisleiter ass foll irger iver d'frechheet fun den Ettelbreker, sech fun de Preise net mat freede pengegen an op d'sluocht-benk feïeren ze lossen. Mat enger minn, impassibel weï ee steen, seet e seng decisioun op: „Also Generalstreik in Ettelbrück! Niemand hier will arbeiten. — Der Streik muss niedergedrückt werden. Heute mittag wird dann die erste Serie erschossen. Und . . heute abend — dann — die zweite. Und zwar — vor der Kirche. Die Erschiessungen werden am Lautsprecher bekannt gegeben." Op all eenzelt wurd leet en esou en drock, datt wuol no un eng minutt fergeet, eer en deï puur setz eraus huot.

Direkt get en engem preiseschen agent d'urder, no polizei-refort ze telephoneïeren. Fu Letzeburg kënnt op diem seng ufro eng negativ entwert. Eng zweet telephons-kommunikatioun brengt d'gewëssheet, datt deï ugefrot fersteerkong, 250 mann mat panzerween a mitrailleusen, eenzock fun Treïer aus geschekt geïv.

Dem kreisleiter sei befeel, d'SS, d'NSKK, d'SA an d'politesch „Leiter" missten direkt an uniform untrieden, get fun allen, deï bis dohin uniform-



besëtzer gewiest sin, fun heerzens-lost ausgefeïert. Et kann een s'op der strooss liicht a seïer zielen, sou kleng as hir zuol: Een SS, een NSKK, 4 SA-leid an 13 politesch leiter. Fun dir zou dir gi se mat de gendarme klenchen a fanne kee butek op. Daat selvegt geschitt hinnen an de meeste betriber. An:e puur ëffentleche büroe fanne se wuol eng gewëss zuol beamten. Mee deï schaffen och net. „Warum ist Ihr Betrieb geschlossen?" froon s'alt ee „Reichsdeutschen". Sougur hei kreïen se deï diplomatesch entwert: „Wir wissen es nicht. Aber wir können doch nicht öffnen, wo doch alle geschlossen haben." Eppes no zeng kommen deï 250 polizisten un, a bal gleichzeiteg mat hinnen, alles wat fu Preisen zou Dikerech resideïert: De „stellvertretende Landrat" Hyart, 6 mann SD an eng grupp SS an SA. Panzerween, équipeïert màt eppes 6 mann a schossbereedte mitrailleusen, patrulleïeren an den eenzelne strossen. Aver d'Preise riskeïere sech es net, trotz hire machinnegewirer, zou manner weï zou drei op d'strooss ze kommen.

Do, frun der kirch helt ee panzer stall. Zweï mann mat revolvere sprangen eraus an huolen drei Letzeburger fest, deï dem kreisleiter senger proklamatioun entgeïnt op der strooss ze swetze stongen (ivert deï an aner proklamatioune get an engem anere kapitel erzielt). Se gcheien s'an de won a rulle firun. Sou szenen widderhuole sech ëmmer zwanzeg mol bis zum ovend. Sougur zwou frae gin an der Feelener strooss esou gebrigelt, datt se net meï stoo kënnen. Iver 30 persoune gi sou ferhaft an am staadhaus ferheïert mat aller intensiteït, deï e gewirkollef an e farswanz erfir brenge kënnen. Fill fun den arreteïerte si raffineïert genuch, fir sech eraus ze rieden a chappeïere no e puur stonne mat bloem rek a slamme been.

## VII. - *Eng Arrestatioun mat Ferheïer*

Gleich no der eïster proklamatioun fum kreisleiter ferleïsst den Heng seng kolleegen, mat dienen e frun hirem arbechts-gebei ze swetze gestan haat. En hëlt sei velo a firt doremer durch d'stroossen, fir ze kucke, weï d'situatioun geïv avanceïeren. E geet ener anere bei de Joss an, an d'zentral fun der resistenz. Eng wull fu leid warden eleï fir mam Joss ze swetzen an en em rods ze froon, wat se solle maan. Eng gudd halev stonn derno fïrt den Heng hannest bei seng kolleegen, deï nach ëmmer do stin ze swetzen. Du kënnt ee beamten aus der gemeng bei die klenge grupp a seet mat bleechem gesiicht: „De kreisleiter wor do uoven am staadhaus. Ech si geschekt gin, iech direkt dorobber ze ruffen." — „Wie geer mat ons swetzt, die ka bei ons kommen. Mir gin net bei hien." — „Dir kënnt maa weï der wëllt, 't geet mech neist un. Ech si neme geschekt gin. Deï sweinhonn wiren am stand een z'erscheïssen." 'T fergeet nach eng feïrel stonn, weerend deer den Heng mat senge frënn weit a breed diskuteïert, ob de refus, op d'gemeng ze kommen, net hannen um enn de kapp kënnt kasten. Ee fun hinne bemirkt: „Ob mer elo gin oder net, si kreïen ons jo dach. Aver wat geschitt ons, wa mir

carrément refuseïeren? Mir hu jo bis elo gemaach wat mer konnten. Mir hu gestreikt. Loss mer onst lieven, wat schonn esou weï sou om spill steet, net onnëtz nach meï deïv an de riski era geheien!" Si gongen also, natirlech ouni „spëngel", an 't staadhaus. Hei gouv hinnen de bescheed, deï richteg leid fir se ze ferheïeren, wiren net meï do, si sollten derno erem kommen. Zweï „Stadträte" kënne sech ievel net enthalen, schonn e provisoresche ferheïer fu sech aus z'inszeeneïeren. „Dir heeren; 'T steet slimm mat euch. Wurfir schafft dir nit?" Entwert: „Ma mir hun dach geschafft." — „Ja, Ja! Aver Ihre leute laafen doch op der straass erum." — „Mir konnten se net zerek halen, well se behapt hun, d'Amerikaner wiren zou Esch gelandt. Do hu mir geduocht 't wir besser heem an de keller ze goon." — „Ja, wenn dir sou topesch seid." Un der minn fun dem enge „Stadtrat", dien d'ae gekugelt huot, geseit een, datt d'situatioun wirklech ongemelleg ass. Den Heng mat senge kamerode gi mat diem heie saaz entloss: „Da gitt hannest schaffen, bis deï heeren hei sin, deï iech ferheïeren." Ons frënn gin aver net schaffen. Si bleiven op der stroos stoon. Een, die wuol nach seïer doheem eppes ferswannen donge wëllt, get de rod: „Jongen, ech hun esou eng anong, weï wa mer fun der Gestapo laang do gehale geïven. An dann as et gudd, wann een eppes z'iesse bei sech huot. Well firu mar de mure lossen s'ons bestëmmt net eraus. An z'iesse gi s'engem och neist. Ech hun esou fell scho meï dax heïeren." Dun iverkënnt ee grujelen den Heng. Doheem, an der kichen, tëschent der rumm fun der dir an der mauer as nach 't manuskript fun dem klandestine flugblaad an nach eng ganz kollektioun fu freïere flugziedele fun der LPL ferstoppt. Sou gliddege sweess weï dese firhirst-daag haat d'sonn nach kees aus dem Heng senge pore gepresst. Op sengem velo rennt en heem. Ausser otem a pletschnaass stirmt en an d'kichen a keicht deï hei wirder: „So, fra, maach mer seïer eng smir. Mir sin op d'gemeng geruff. Et get fleicht e weïneg meï speït weï geweïnlech eer ech heem kommen. Du brauchs dech aver net opzeregen. 'T as neme fir e puur stonnen." Iverdiem wou seng fra d'smir mëcht, weist den Heng mam fanger op d'rumm fun der dir an haucht: „Dorener sin e puur pobeiere ferstoppt. Ferbrenn se direkt a fergiess et neme net. D'Preise sin nun eng keïer op mech opmirksam. Fleicht get et eng haus-durchsichong. 'T kann ee ni wëssen." D'smirchen as feerdeg. Se get an d'tesch gestach. Den Heng emeerbelt seïer a fest seng fra a get er eng warem bees. Eenzock swenkt en sech op 't raad a jummt dorover. Net laang, nodiem e bei senge kameroden ukomm as, rifft et: „Halt!" E gendarm an zweï Gestapo kommen op se duur, de gendarm mat firgehalenem revolver. „Warum arbeiten Sie nicht?" — „Unsere Arbeitszeit ist eben vorbei." — „Haben Sie denn gearbeitet?" — „Ja, natürlich." — Dann bräuchten Sie doch keine Angst zu haben. Nun, kommen Sie mal mit."

Am grousse sall fum staadhaus seze schonn eng parti leid op hire ferheïer zu warden. Dien ee Gestapo freet d'nimm fun all dienen, deï dobanne



sin. „Sie wissen ja", firt en da fort, „dass wir solche Provokationen leicht niederdrücken können. Der Streik, welcher übrigens nur in Wiltz und Ettelbrück ausgebrochen ist,, ist ein gefährliches Spiel." Nach laang huot en op deï maneïer hin an hir geswaat. Da gouv gidwereen eenzel gefrot, ob e geschafft hett. A gidwereen huot gelugen: „Ja, ich habe gearbeitet." Dem Preis seng minn huot ferroden, datt en sech gefreet huot, a sengem rappor kënnen unzegin, datt esoufill leid alt emol net gestreikt hetten. No enger stonn gouven s'all am sall mat gudden ermanongen entloss. Wat huot den Heng a seng frënn dun opgeotemt! Mee ongemiddlech wor et en dach nach, well se gefart hun, 't kënnt all moment eppes no kommen.

## VIII. - *Ee Luussert hannert der Fenster*

Um Nik sengem haus sin all rolluoden erov, mee esou, datt d'laten e weïneg fun enee stin. Lo donnere grad drei preisesch ween erlaanst. D'leid renne fun der strooss op d'trottoiren. Den Nik steet uovenop hannert der rolluod. Weiss weï sneï as sei gesiicht. Zenter enger halver stonn lauert en hei mat ugeluogtem juogd-gewiir. 'T enn fum laaf leit just tëschent zwou rolluod-laten. Seng fra sezt op engem stull hannerun em ze zidderen. „Maach et nemen net", helt si un, „du geïvs fleicht ee Preis geroden. Aver honnert Ettelbrëker geïven derfir als geiselen erschoss, an du natirlech mat." — „'T ass alles egal. Wann se sech enerstin ze scheïssen, da geet et fir se." Ee glek! 'T kënnt op deer plaaz keng atrociteït fir. De Nik freet sech nach haud, wat fir eng gudd nonn diemols fir hie gebiedt haat.

## IX. - *Preisesch Proklamatiounen*

Geïnt halver zeng auer mures steet de kreisleiter firum mikro am staadhaus a leïsst seng stem durch d'haut-parleuren an all quartier schalen:

„In Ettelbrück sind heute einige Geschäfte nicht geöffnet worden und eine kleine Anzahl Gefolgschaftsmitglieder sind nicht in ihren Betrieben erschienen.

Ich mache darauf aufmerksam, dass diese Vorgänge als reichsfeindliche Kundgebung und als Widerstand gegen die Regierung betrachtet werden. Die Läden sind sofort zu öffnen. Diejenigen Läden, die bis 13 Uhr nicht geöffnet sind, bleiben polizeilich geschlossen. Die Inhaber derselben werden die Genehmigung zur Eröffnung derselben nicht mehr erhalten. Gegen die betreffenden wird ausserdem strafrechtlich eingeschritten werden. Die Gefolgschaftsmitglieder der einzelnen Betriebe werden aufgefordert, sofort ihre Arbeit aufzunehmen. Wer seine Arbeit bis heute mittag nicht aufgenommen hat, wird festgenommen und vor ein Sondergericht gestellt. Gegen jede Art von Kundgebungen, gegen

jeden Widerstand gegen die getroffenen Anordnungen, wird mit polizeilichen Mitteln sofort rücksichtslos eingeschritten.

Ettelbrück, den 31. August 1942.

Der politische Kommissar in Diekirch.
Die Ortspolizeibehörde Ettelbrück."

Eng wull leid fun alle beruffer trëllen op d'stroossen an d'ëffentlech plaazen erbei. Se pësperen, se deedegen, se swetze, jeizen a brëlle fu roserei. Aus hire gespreïcher heïert een det eraus: „Mëcht en och nach, weï wann neme fereenzelt geïv gestreikt gin! Wou dach alles d'arbecht leie leïsst." — „Jo, deï preisesch „Rücksichtslosigkeet" kenne mer. Wurfir dann daat fillt gejeiz, heer kreisleiter, wann der mengt, et wir neme, weï der sou geer geïvt soon, „eine kleine Clique von Aufwieglern und Feindagenten am Werk"?

Gleich drop erzielt et sech doremer, datt weïfill Ettelbrëker arreteïert an halev doud gesloo sin: Webesch Léon, Hansen's Frooss, Michaux's Marcel, Posing's Léon, Schartze Josy, Daxe Michy, Thull's Jengy, Camerlynck's Charel, Budelesch Nekel, Koetze Paul, Mudelesch Mett, Berg's Remo an Hingesch Jemp.

D'excitatioun get esoufill meï grouss, de streik meï ferbass. Bal iverall, wou de kreisleiter laanst geet, get e fun der mass ausgejaut. „Bee, bee! Fui, fuiii...!" E kuddel-muddel fu gebirels a gefluchs! Der Gestapo, der SS, der NSKK an der SA geet et net besser.

Em 13.30 auer get dien heien opruff radio-diffuseïert an ausgeschellt:

„Wer sich bis 15 Uhr nicht zur Arbeitsaufnahme gemeldet hat, wird sofort festgenommen.

Ebenso der Geschäftsinhaber, welcher nicht geöffnet hat. Wo um 15 Uhr noch gestreikt wird, werden die Festgenommenen erschossen. Die Erschiessungen werden am Lautsprecher bekannt gegeben.

Der politische Kommissar in Diekirch.
Die Ortspolizeibehörde in Ettelbrück."

Alt erem en oplaaf op der strooss! D'teïn fun der schell freessen engem bal d'oueren. Aver d'besonnenheet bleivt. De Pitt leit op der fënster fir nozelausteren, weï den ausschellert durch d'strooss rifft. „Wat huot e gesot?" jeizt eng nopesch-fra eriver, deï net grad de beste numm als patriot huot. De Pitt entwert mat erausfurdernder stem: „Hie sot, dir geïvt erschoss gin!" D'fra wenzelt, leefs de net dann hëlt en dech, zou hirer dir eran. Eng aner fra, eng gudd Letzeburgerin, geheit det wurd an d'loft: „Hut der och all eer Vaudeebeeskart ageschëkt?" — „Natirlech", seet de Pitt, „mussen s'all ageschëkt gin. Ech hu mat menge kolleege geswaat an och mat aneren, deï an d'VDB forceïert si gin. Se hun sech all firgeholl, die gest ze maan. Aver 't si nei flugziedelen eraus, deï den datum fir de streik fir 't ganzt land ereïst fir den 2. september ugin. Fir datt 't ganzt land mat engem coup optrëtt, as et besser, mir warde mat de karte bis den 2ten.



— „Mei mann", firt d'fra firun, „huot seng aver ovgin, ouni laang ze warden, well en infirmiee am spidol as, a fir hien de streik selver ausgesloss bleivt."

Em 15.30 auer gin d'haut-parleure bekannt:

„Zur Verhinderung von Ausschreitungen werden Zusammenrottungen jeder Art verboten. Wer in Gruppen auf der Strasse herumsteht, beteiligt sich an einer deutschfeindlichen Kundgebung. Gegen die Demonstranten wird mit allen zur Verfügung stehenden polizeilichen Mitteln vorgegangen.

Ettelbrück, den 31. August 1942.
Der Amtsbürgermeister als O. P."

D'folleksmassen, deï nach emer op de stroossen zirkuleïeren, stellen sech zou gruppen zesummen. A gidweree mëcht senger ongchalenheet op seng maneïer loft.

Emer erem gin aus der wull leid desen or dien dem hasard no fun engem Ettelbrëker gestapos-mann mam fanger gewisen. Dien huot esou seng perseïnlech antipathien. A wien et grad gereïdt, die get an den auto geluoden a mat eweeh gesleeft.

Geïnt 4 auer gin d'haut-parleuren des proklamatioun durch:

„Da in verschiedenen Betrieben noch einzelne Arbeiter ihre Arbeit bisher nicht aufgenommen haben, wird noch einmal bekanntgegeben:

1. Wer bis morgen früh 8 Uhr seine Arbeit nicht aufgenommen hat, wird standrechtlich erschossen.

2. Das gleiche gilt für alle Betriebsinhaber, die ihre Geschäfte nicht zur gewohnten Zeit öffnen oder vorhandene Waren nicht verkaufen.

3. Ansammlungen von mehr als drei Personen und Stehenbleiben auf den Strassen ist verboten. Die Polizei wird die Zuwiderhandelnden festnehmen.

Ettelbrück, den 31. August 1942.
Der politische Kommissar."

O jo: „In verschiedenen Betrieben!" Dir Preisen! Wurfir ïverdreivt der daat eent a ferklengert daat anert? Wou as dann hei an Ettelbreck ee betrib, die schafft? Kënnt der dann net eng minutt laang eïerlech sin? All ablack kann ee fun ons op d'sluochtbenk gefeïert gin. Wien et fun ons trefft, dat decideïert den zoufall oder de caprice fun engem Ettelbrëker gestaposmann. — Dir swetzt esou fill fun eerem „Vaterland" an eerem „Führer". Woufir pengegt der deï Letzeburger, deï h i r e m „Vaterland" an h i r e r „grande-duchesse" trei sin? Wann ee fun diëne 50, 60 mann, deï hei stin, sollt falen, da mirkt iech: Kleng git dir hannen um enn dach. A wann dir der 20, 50, 100 erscheïsst, da get dodurch 't lieve fun dausende Letzeburger gerett, deï soss fun iech un d'Ostfront gesleeft geïven." Sou an eenlech gouv weerend a no deser proklamatioun raisonneïert, an dertëschent mat harder stem protesteïert.

## X. - De Refus, eng VDB-Spengel ze droen, as eng Provokatioun!

De kreisleiter koum durch d'Groussgaass. „Warum tragen Sie Ihr Abzeichen nicht?" — „Wir sind nicht in der VDB." — De kreisleiter: „So, dann gehört ihr auch nicht zum deutschen Volk. Und ihr wisst, dass das Nichttragen des Abzeichens eine freche Herausforderung ist. Dass es eine Art des Streikes ist. Und jede Art Streik wird mit dem Tode bestraft." Sou eng arrogant behaaptong as dem proppere gewësse fum Letzeburger ze fill onferstendlech gewiest. Hien haat ons scho mat doud an deivel gedreet fir de fall, wou mer net an d'VDB gengen, a sech gebretzt, d'VDB-spengel wir eng eïere-medail, deï neme fun auserliesenen dirft gedroon gin. An elo wëllt en deï ferdillegen, deï, ouni member ze sin, daat deivelzegt ov-zeechen net un hun!

D'resultat wor trotzdiem, datt bis donnesdes d'spëngel neïerens ze gesi wor, an daat trotz den eïste bluddeg roude plakaten, deï bis zou diem daag op all kreizwee opgehaang gi woren an deï den doud fun onschelege Letzeburger annonceïert hun.

## XI. - Nei Flugziedelen!

Sonndes a meïndes an deer woch, deï onsem land soufill miseer bruocht, mee aver och sou eng zolidd national lievenskraaft a sou en tockege lievenswëllen erfir gestraalt huot, sin ausser dem flugziedel LPL och nach hektographeïert circulaire fun der LVL, wuol neme fereenzelt, an emlaaf komm. Densdes oves, weï gidwereen an Ettelbrëk et deitlech gespurt huot, datt d'heemecht an den nexte stonne ferschidden Ettelbrëker mënschelieve geïv reklameïeren, kënnt de Pir seïer bei de Jeng getrepelt a weist ee fun den neien circulairen. „Deï mussen onbedengt ferdeelt gin", haucht en ausser otem. „Well de streik net iverall am land op de selvegten datum gefall as, durfir get fir den 2. september rem eng keïer d'streikparole nach meï kategoresch publizeïert." — „Jong, Jong", seet drop de Jeng, „du huos deint gemaach. Du huos gehollef deï bloelzeg ziedele fun der P ferdeelen. Du huos och e meïndeg net geschafft. Ech gesin net dax swarz. An du weess, wou et bis elo geheescht huot, eppes zweckmeïsseges fir d'heemecht ze riskeïeren, do wor ech emer direkt do. Durch daat, wat deï lest deeg hei am land geschitt as, get ons freiheets-aktioun bestëmmt durch ganz Europa bekannt, an d'Preise sti fun der ganzer welt blameïert a gebrandmarkt weï nach kees. Meï kënne mer fir de moment net erreechen. Wat mir weider maan, notzt dem land weïneg, furdert aver weider letzeburgescht bludd. „Jo, mee . . ." — „Neme net „jo, mee"! Fleicht mëcht daat, wat bis elo geschitt as, scho sex doudeger fun hei. Wëlls de datt durch deng schold a plaaz fu 6 der 600 solle falen? Weï kënns de daat ferentweren? Fergiess net datt 't standrecht proklameïert as. Du weess, wat daat bei barbaren weï



de Preisen heescht." De Pir wirt sech nach e puur minutten, well hien des gudde wëllens ze fill huot. — Da get hien dach no. Well fru senge gestegen ae geseit hien deï halev doud gemartert patrioten: Daxe Michi, Thull's Jengy, Webesch Léon, Hansen's Frooss Schartze Josy a. s. f. Hie geseit eng laang rei Ettelbrëker wider der mauer zou Hinzert, an deï honnnert, mat tokkegem blek, am feier fun der heemechts'leïft, hir brost de kugele fun den nazihenkeren durhalen. Hie geseit kënnercher a jong witfraen om buodem leien ze kreischen. En heïert zoukënfteg generatiounen fluchen iver d'Preisen, deï hir grousspappe jonk an 't graav bruocht. En heïert se kloen iver deï guddgleeveg aver topesch Letzeburger patrioten: „Se hun an hirem plompen ivereifer dem land a sengen awunner geschuodt. Durch hir parolen gouven dausende Letzeburger Jongen frum schendlechen doud am krich geïnt d'heemecht gerett! Mee fir si ze retten, hun zengdausende missen dem gestapo-Moloch geaffert gin." Sou ferleïsst dien ovend den LVL-mann den LPL-treider mat enger negativer decisioun. A souweit et dem schreiver bekannt as, blouv d'systematesch ferdeelong fun den neien ziedelen zou Ettelbrek an der loft henken.

## XII. - En Telegramm fum CDZ

Den 1. 9. 1942 em 21.45 auer koum desen telegramm fum CDZ ivert 't Landratamt Dikerech zou Ettelbrek un:

> „Es ist festgestellt worden, dass die luxemburgischen Gefolgschaftsmitglieder zum grössten Teil das VDB-Abzeichen in den jetzigen Tagen bewusst nicht zeigen. Die Referenten, Sonderstellen, Kommissare und Behördenleiter der nachgeordneten Dienststellen haben sofort diejenigen luxemburgischen Gefolgschaftsmitglieder, die das VDB-Abzeichen nicht tragen, zu sich zu beordnen, möglichst einzeln, und ihnen im Auftrag des Gauleiters zu eröffnen, dass in dem vereinbarten Nichttragen des VDB-Abzeichens eine deutschfeindliche Kundgebung zu erblicken ist, die entsprechend geahndet wird. Den Gefolgschaftsmitgliedern ist unter Einräumung einer entsprechenden Frist, z. B. bei Vormittagsvorladungen zum Nachmittag, oder bei Nachmittagsvorladungen zum nächsten Dienst aufzugeben, das VDB-Abzeichen in der vorgeschriebenen Weise zu tragen. Unter Hinweis darauf, dass bei Weigerung nach Ablauf der Frist ihr Ausschluss aus der VDB mit den daraus sich ergebenden schwerwiegenden Weiterungen erfolgen wird. Die Behördenleiter sind persönlich für die Haltung der luxemburgischen Gefolgschaftsmitglieder verantwortlich. I. V. Gez. Dr. Münzel."

## XIII. - Dat eïst Bludd-Plakat!

Metwoch, den 2. september, siven auer mures. Den Heng huot eng roueg nuocht doheem ferbruocht. Wou hien deï next ferbrenge muss . . .?

Seng gewëssheet, bis elo seng flicht fir d'heemecht no bestem kënnen gedoon ze hun, get em force a courage. Gëster ovend haat hien et feerdeg bruocht, sei getirms weï mat engem elektresche schalter auszedreïen. Dun as hie gudd entslof. Um drei auer nuots aver ereïst. Well bis esou laang haat hie bei sengem frënd Joll am haus gesees, kart ze spillen, de radio ze lausteren, ze drënken, ze laachen, ze femen an topegkeeten ze lausteren an ze soen. Mee d'mures-sonn huot d'atmospheer ronderem mat esou fill elektriciteït geluode weï nach ni. Hien trepelt iver den trottoir, sou zëmperlech weï wann sougur d'pavee-steng elektriseïert wiren. D'diech fun den heiser kommen e meï swarz fir weï soss, d'strooss meï enk a knubbeleg. D'zwerg-statu am firgard op der lënker seit, deï soss emer gelaacht huot, ferzitt hirt gesiicht zou enger ferkraschener grimass. Sei wee feïert zur mass: Wou d'noperschaaft fum gewaltsamen doud net zur ferzweivelong drekt, do leedt se zum gebied.

Op eemol bleivt den Heng stoon: Fun der holzmauer em de chantiee jeizt eng bluddeg roud enorm affiche en un:

„Bekanntmachung.

Das Standgericht hat wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwerkes in Luxemburg durch aufrührerischen Streik und Sabotage im Kriege folgende Personen zum Tode verurteilt und die Einziehung des Vermögens angeordnet:

Worré Michel, Chef des Wirtschaftsamtes Wiltz
Müller Nikolaus, Stadtsekretär Wiltz.

Die Todesurteile wurden heute um 6 Uhr vollstreckt.
Luxemburg, den 2. September 1942.

Der Vorsitzende des Standgerichtes."

Bis elo wor et fir den Heng ouni zweivel gewiest, datt d'Preisen hirt grujelecht ferspriechen aus den opriff fum leste meïndeg hale geïven; aver an desem moment, wou en dach eigentlech nemen daat confirmeïert geseit, wat en sech zenter e meïndeg 10 auer sou weï sou erwardt huot, kënnt et e fir, weï wann eppes onmeïgleches geschitt wir. Onmeïglech! Dem comble fum widersproch sou no ze kommen? Mat enger onerdrobarer konstanz gouv dach fun de Preisen daag fir daag widerholl: „Für Volksschädlinge gibt es keinen Platz in diesem Raum!" An elo gi se deï erscheïssen, deï wirklech hirem follek net schuode wollten, an durch ee plantonesche gest bewisen haten, datt s'eigentlech nemen eppes geïven approuveïeren, wat d'Preisen hinnen kurz firdrun feierlech fersprach haten: „In die Wehrmacht braucht ihr nicht zu gehen (sic!). In diesem Kriege nicht. Lasst euch durch solche Gedanken nicht davon abhalten, Mitglied der VDB zu werden."

Dem Heng wor et die mure weïnt sengem grimmelche lieve wirklech zziddereg angst zou mudd. An esou wor et all dienen, deï net onkontrolleïerbar



arbechts-zeiten oder kee congé haten oder na net pensionnïert woren, an dienen hirt ewech-bleive fun der arbecht dodurch eïereweï fun de Preise strofbar gemaach konnt gin. Sougur ferschiddener, deï de streikdaag legitimer weis net hate brauchen ze schaffen, hu gebaangt, se kënnte mar op der lëst stoon, weil se d'spëngel net gedroon haten.

Op sengem wee an d'kirch get den Heng fun enger lokaler nazi-greïsst ugebrollt: „Drot dir d'spëngel nach net!! Sit der dann esou domm?" — „Ah, ech hu se fergiess. Ech dongen s'aver gleich do enen un. Ech hu s'om bureau leien." Sou sot hien. Mee desen daag, an och de folgenden, huot keen hien dermat gesin, och net am dëngst. Weï en op de bureau bei seng kolleege koum, hu gliddeg treïnen dienen an den ae gestan. 'T wor eng panik ouni gleichen an der ganzer urtschaft. Durfir gouven deï meest heemlech nobeieren, deï eppes mat der resistenz ze dongen haten, an den uove geheit. An den Heng wor och feig genuch, fir sech mam gedanken ovzegin, all seng „corpora delicti" ze ferbrennen. Wann daat net mat alle geschouch, da wor et well en se sou gudd ferstoppt haat, datt en net meï dru koum ouni d'keller-traap lass ze reissen.

## XIV. - *„Kreisleiter Jakobs spricht"*

Deï panik huot de Kreisleiter als gënsteg ugesin, fir alt erem „eine machtvolle Kundgebung des Luxemburger Deutschtumswillens" z'annonceïeren. Metwochs oves, den 2. september 1942 wor durfir de grousse sall foll gestoppt mat leid, „die vor aller Welt ihr Deutschtum offen bekunden wollen"; daat heescht op letzeburgesch iversaat: „De sall wor foll mat terroriseïerten Ettelbreker, deï fu roserei gekacht hun; hir beruffs-stellong an hir streikbedeeligong huot de Preise geïntiver net manner schold bedeidt, weï dienen hir, deï die muren op der rouder affiche stongen: se wollten dem doud sei blek net durch hirt ewech-bleive just op sech zeïen."

An der entrée sti bretzeg breed SA-leid, deï gidwereen, dien era kënnt, bedreelech devisageïeren. Si losse ferschidde leid net eran. Et handelt sech em deïjieneg, deï hir VDB's-kart ovgin hun, also besonnesch em d'infirmieen. Geïnt si as deï ovgelivert, heianto zerrassen a mat anti-deitscher opschreft „enthellegt" kart en direkte schrëftlechen ukleer. Si si „ferbreecher fun der urgster zort". Si ziele net meï zou de mënschen, well se daat sakro-sankt follek aus Mëttel-Europa beleedegt hun, daat dach esou wonnerbar de klenge fëlker hire botter, hire schokela, hirt fleesch an de „weiträumige Schutz" fun sengem preisesche mo hëlt. An doudes-angst zidderen deï zerekgestousst heem. Jo, no enger preisescher fersammlong hu se ni ferlaangert. Aver durch daat hei heemkeïeren as et bewisen, datt se zou den auserwielte fum Cyklop Polyphem geheïeren. Se wëssen, de mënsche-fresser bedenkt sech neme nach, ob en se soll reï freessen, oder ob en se fir 't eïst nach e puur meïnd laang durch d'folterbritt fum kazett zeïe soll.

A senger ried swetzt de kreisleiter en deitscht, wat stylistesch a grammatesch sou onkorrekt as, weï et sech fir en agefreessene nazi passt. Hie braddelt an teïnt. Hie greift d'grande-duchesse un. Hie behaapt, ons regeïrong wir iverhaapt net am ausland. Hie mëcht en echt nazisteschen effort fir ze beweisen, datt die ganze streik am letzeburger land eigentlech neist wor, wat derweert wir derfun ze swetzen. Hie bretzt sech dann, datt d'Preisen am stand wiren, fir weïnt diem neist, nach fill honnerten an dausenden weider z'erscheïssen. Weï weïneg deïv en aver an d'situatioun era geseit, weist e gudd domm derdurch, datt en d'aussoe fu ferschiddenen arreteïerte ferreïdt, deï behaapten, se hetten aus onwëssenheet gestreikt, well e friemen onbekannte passant op engem velo hinne gesot hett, se solle net schaffen. Eng lous ausried! Den heer kreisleiter gleevt dru weï u sein Heergodd, de „Führer". En hëlt se weï zocker. Enen am sall sezen deï terroriseïert ze bruoden an op d'zenn ze beissen, a sech z'entleiven, datt neme keen en hir gefiller soll ovgesin. Well am gank tëscht den zwou benkereien, trepelen deï puur giel „Hoheitsträger", drop ze laueren, ob hei or do ee net op der richteger plaaz laacht, oder elle kuckt, wann erem sou eng ongezillt frechheet aus dem kreisleiter sengem monn kënnt.

## XV. - *Am KZ!*

Fun den arreteïerte gouven der 13 mat op Hinzert gesleeft. Se wore schonn zou Ettelbrek fun der SS sou nonee gemaach gin, datt ugcholl gouv, deï meest geïven hire wonnen erleien. Hei hir lëst:

1. Berg Raymond, rue Guillaume, eisebunnert,
2. Posing Léon, rue des Chariots, bauer.
3. Camerlynck Charles, Place Marie-Théèrse, chauffeur.
4. Hinger Jean-Pierre, rue du Nord, schreiner.
5. Budeler Nicolas, Schieren, sneider.
6. Koetz Paul, rue de Feulen, mécanicien.
7. Mudeler Mathieu, rue de l'Abattoir, arbechter.
8. Michaux Marcel, Grand'rue, zenntechniker.
9. Hansen François, rue de Bastogne, imprimeur.
10. Schartz Joseph, rue de l'Abattoir, eisebunnert.
11. Weber Léon, rue de la Gare, eisebutek.
12. Dax Michy, rue des Romains, eisebunnert.
13. Thull Jengy, rue des Romains, eisebunnert.

Fun hinne souzen deï 4 eïst 1 mound zou Hinzert, deï drei folgend 2½ mound, deï 4 derno 5 meïnd, deï 2 lest 4 deeg. Durno kommen des drei op Lublin an 't kazett: Hansens Frooss (18 meïnd); Schartze Josy (11 meïnd), Webesch Léon (13 meïnd). Deï zweï lest hun hirt best geaffert, si gouve fun der SS erschoss.



Mee eng eise gesondheet, sougudd seïlesch eweï kirperlech, leit an onse letzeburger jongen. Waat se an hirer heemechts-urtschaft den 31. august mat ze maachen haaten, wor nemen ee wippche fun diem gliddegen eisen, daat se am kazett hu misse beissen an ovsleken. Zou Hinzert gong et fu streech zou ferheïer, fu ferheïer zou farswanz. Hansen's Frooss kruut der op 't gebek, datt 't ganzt gesiicht schif stong an drei baakzenn eraus flougen; sei lënkt ouer blouv dav, well d'trommelfell geplatzt wor. Webesch Léon sei leif wor fum drop-trepele faassdek opgeschwollen, an de sezdeel nach meïnd laang derno huol a blo.. Schartze Josy sei rek erov huot sech eng swarz strumm gezun. An deï aner leeds-kameroden hun net besser ausgesin. Trotzdiem kruœn d'Preisen net meï eraus, weï se zou Ettelbrek gesin haten. Besonnesch Thull's Jengy huot sech bei de ferheïeren esou daper beholl, datt d'Preise fu roserei mat den zenn gefletscht hun. Weï de Jengy gesouch, datt et fir e puur kepp geïv goon, dun huot hien seng aussoen all sou gedreïnt a gekeïert, datt d'haaptschold op sei bockel soll geluode gin. Weï hien, huot och Daxe Michy et gemaach. Sou koum et, datt de feïerte september dem Michy an dem Jeng a presenz fun hire kameroden hirt doudes-urdel annonceïert gouv. De Jeng keïert dobei keen aa fum „riichter" ov. Mat ferechtlechem lechele bekuckt en die beïst fun engem Preis. De Michy bedeckt fir 't eïst sei gesiicht mat beïden henn a reïert sech net. Da kuckt en op a pëspert sengem noper: „Deï schuppseck! 'T ka se neist dëngen. Mir stirve fir eis heemecht. Mee si gin och kapott." Beïs momenter woren daat, wou deï, deï lieve sollten, mat den zum doud ferurdelten zesumme woren. Heemlech gouven s'all gebeicht a kommunizeïert. De Jeng sot: „Et ass hard ze stirven. Aver maacht, datt et net emsoss as! Maacht, datt nom krich net erem een diem anere sein deivel as! Fergiesst och net datt fir mei kand gesurgt get. Ferspriecht mer daat besonnesch!" De Michy kemmt sech an hëlt dann heemlech eng roude-leïw-spengel eraus. Domat rëtzt en an de kamp: „Vive Letzeburg!" Mures, geïnt fenef auer, kommen d'SS eran a stoussen deï zweïn zur dir eraus. Hirt lest wurd, daat fu letzeburger geheïert gouv, wor: „Behidd Du 't Letzeburger land . . .!" Am bësch zou Hinzert gouven deï zweïn helde begruoven. Si hun hirt lest gi fir d'heemecht. Wann no fille joren an der geschichts-stonn ivert des zeit geswaat get, wann d'nimm fum Jeng Thull a fum Dax Mich genannt gin, da weerden, sou weï mir haud, leïerpersoun a schoul-kanner eng minutt an dankbarer erenerong roueg stoo bleiven an hoffentlech des wirder als nach emer zoutreffend spiren: „De geest fun dienen helden do, die leit dem follek nach am bludd."

## XVI. - *Konsequenze fum Streik*

Datt d'zuol fun de victime net nach meï grouss gouv, daat ass zum groussen deel dem geschekten agreife fun der resistenz ze ferdanken. Hir

devise wor: „Mieux vaut prévenir que guérir." Wou durfir eng wichteg diskussioun an der „Ortsgrupp" wor, do huot d'resistenz emer gesicht, an engem eck ze lausteren, preisesch dokumenter op d'seit ze schafen, de Preise scheinhelleg rodsleï ze gin an deï z'averteïeren, deï an direkter gefoor woren. Sou gouv och d'infirmière Ketty, deer daat slemmst befir ze stoo geschéngt huot, fum Joss averteïert a fun him op deï cachette ferwisen, an deer si sech bis den 11. September 1944 opgehalen huot.

E wonnerbaren afall fum Joss wor et och, datt hien dem Ortsgruppenleiter et baang gemaach huot, hie kënnt emol selver als ustëfter fum streik onschëlleg soupconneïert gin. Daat huot dien deermoossen an opregong bruocht, datt en d'ganz affair bei der gestapo sou weit weï neme meïglech als onwichteg durgestallt huot. Am allgemenge woren d'Preise jo och frou, sech den air ze gin, weï wann d'BBC a bezuch op de streik geïv leïen. Se hu scho gefart, d'rumeuren derfu geïven hir friichte weit ivert ons grenzen ewech an deï besaat lenner droon, a fleicht d'Preise selver d'wouerecht iver Letzeburg roden dongen. Durfir konnten se der net esou fill mat an 't kazett huole, weï s'et begirt hetten.

Mee drop gehalen hu se, fu meïndes u bis laang wochen derno den awunner daag fir daag d'schudderengen ausgoon ze dongen. Sou gouven laang zeit erdurch emer erem anerer op de VDB-bureau a frun de Kreisleiter geluoden. Fill kruten heïge besuch aus der kreisleitung an 't haus. Dobei gouven dax grad deï kleng am meesten erbei geholl, wurgeïnt deï dek d'metelen hate fir de Preis ze bestiechen. Dach durf daat hei ener kenger bedëngong generaliseïert gin, well daat och erem grondfalsch wir.

E fait as et, datt ferschidden Ettelbreker nach jore-laang derno fun zeit zou zeit fun hirem preisesche chef hirt beïst behuole beim streik firgeworf kruten: Net geschafft, doremer telephoneïert, opstëpleresch breïv geschriven, d'VDB's-kart ovgin a. s. f. Dax gouven se mat sadistescher marterfreed drun erenert, datt bei diem gringste refus deï ganz affair fum streik erem opgerullt kënnt gin. Deï am meesten an 't aa gestach hun, woren d'infirmicen, fun diene schon an desem bichelchen erzielt as gin. E ganze sturm fu ferheïeren, gestapo's-visiten doheem, a firluodonge frun d'kreisleitung dauscht ivert se hir, besonnesch deï deeg, wou erem mures deer rouder bludd-affichen ausgehaang si gin, a wou hinnen dann d'doudesangst durch all fiber vibreïert. All keïer get hinne repeteïert datt 't ovgi fun der vaudeebee's-kart ee fun diene slëmmste sacrileege wir, eng anti-deitsch handlong, fleicht meï urg weï den eefache streik. An der allgemenger panikstëmmong, nom ustire fun den doudes-affichen, op dienen hiren eegenen numm schonn am feïveregen draam steet, ferspriche ferschiddener hannen um enn, deï elle, gehaasst giel uniform unzedoon. Meï weï ee gouv hanneno mat batteren treïnen an den ae gesin, weï en daat gehaasst kleed huot missen undongen.

Op dieselvegten drock hi kritt d'NSV, deï bis dohin kaum en halevt honnert membere gezielt huot, eng kees erwardt zuol fu „freiwellegen" unhenger.



'T huot ee scheï fu roserei scheimen, den doudes-dreeonge muss ee sech beïen. Haud swetze fill friemer, wuol gudd Letzeburger, mee slecht kenner fun den historeschen Ettelbreker faien aus de leste fenef joren, mat ferechtlecher minn iver deï ferdamt „Ettelbreker gielzecht". Se maa sech dobei liicht zou komplice fun de Preisen, well se dienen hirt wirk fortfeïeren, wat dra bestan kuot, deïselvegt armen deivelen weïnt hirem patriotissem ze pengegen an ze marteren.

## XVII. - *Bilan*

De streik, dien net an allen urtschaften deselvegten daag ugong, huot zou Ettelbrek direkt den 31. august ugefaang. Am ganze land gouven als represaillen 20 Letzeburger erschoss. Dofun 2 Ettelbreker, also 10 prozent. D'populatioun fun Ettelbrek (ongefeïer 4000 awunner) bildt aver nemen 1,5% fun der awunnerzuol fum land. Fir een, die rechne kann, soon deï zuole genuch: Ettelbreck huot fir de streik sou grouss sacrifice bruocht weï kaum eng urtschaft am land ausser Woltz. Zeng aner Ettelbreker hu meïnd, deelweis jore laang fun dienen deeg un am kazett gebludd.

Doraus geet klor erfir, datt entwieder den Ettelbreker hir politesch attitude am allgemengen extra patriotesch wor, or datt d'Preisen an onser geïgend mei brutal a mei streng wore weï an den aneren districten.

Mir mussen aver net fergiessen, ons daat hei eïerlech ze froon: „As 't resultat fum streik zou Ettelbrek zwee mënsche-lieve weert gewiest? Hun deï nach e proppert gewessen, deï hei or do engem gefleïvt hun ze streiken oder durch hirt eegent streiken anerer ugestach hun?" — Geïntfro: „Wat wir geschitt ouni de streik?" Entwert: „Am ganze sin ongefeïer 120 Ettelbreker jongen an d'wehrmacht gepresst gin. Dofun as dese moment eng gudd parti erem. Ouni de streik wiren all „waffenfähige Männer" agekleedt an no der Ostfront geschickt gin, zou Ettelbrek ongefeïer 900. D'zuol fun de gefalene wir diemno och ongefeïer siewen mol meï grouss gin. Wie wees, ob net sougur desen or dien, dien diemols 't kazett or 't graav fonnt huot, net un der Ostfront sei lieve geloss hett, wann net gestreikt gi wir! Fill urtschaften, deï keng victimen ze bekloen hun, kënnen sech soon, datt deï gefalen helden fun Ettelbreck derzou beigedroon hun, hir Jongen a menner frun der „Wehrmacht" ze retten. De Preisen hirer brutaliteït no ze jugeïeren, wor et wuol am firaus unzehuolen, datt de streik kepp geïv falen dongen. Op jidde fall wor et net ze prophezeien, wie just misst dru gleeven. Deï grad getraff gi sin, hu meï weï hir flicht gemaach.

Ettelbrek an d'ganz heemecht seet hinnen eïweg merci, dem Thull's Jengy an dem Daxe Michy, an all dienen, deï diemols an de kazett koumen.



Den 2. september 1945, bal 1 joor no der liberatoun — ee summerleche sonndeg — gouv zou Ettelbrek eng anniversaire-feier fum streik organiseïert.
Des photo — en aussnet aus dem cortège fun diem daag — weist deï fun de lievegen Ettelbreker, deï durch hirt patriotescht behuolen am meeste fir d'heemecht gelidden hun: D'membere fun der LPPD, d. h. d'kazettler, dienen de streikdaag, or soss ee funeste moment, den ufank fun hirem calvaire bruocht huot. Deï meest droon hirt kazettgezei, d. h. weiss a swarz, fun uoven no enen gestreift „zebraen", oder eïeren eng al, zerfatzte box mat enger englescher weiss bekrozelter militair-blus.





*D'Unioun Ettelbrek* am cortège. Si kä mat stolz soon, als eïst am land de streik prepareïert an durchgefouert ze hun. Wann deï Ettelbreker gewinnt sin, gur net or mat der greïsster modesti ivert hir leestongen an hirt leiden an der okkupatiouns-zeit ze swetzen, dann hu se sech dien daag dach ferflicht gefillt, dien daag eemol aus sech eraus ze goon. Et gong jo net em perseïnlech ambitiounen oder kollektiven egoïssem fun enger lokaliteït. Et huot sech fill meï d'fro gestallt, ob mir dese moment net der ganzer heemecht scheleg wiren, weïnegstens ee fun onsen haapt-resistenz-fait'en frun der welt-ëffentlechkeet an daat richtegt liicht ze stellen. Deï friem solle wëssen, der wouerecht zou leïv, datt onst klengt land an all sengen ecker an zou all moment dem aggresseur de bass ze hale woost.



*D'Ligue „ONS JONGEN" am cortège fum 2. september 1945. Em ons jongen, der zoukonft fun der heemecht, huot et sech beim streik haaptsechlech gedreïnt a gekeïert. Si mussten sech fun den oppresseuren enert kanibaleschen dreeongen als kanounefudder an den Oste sleefe lossen a fir eng ferhaasst cause streiden oder am maquis en deistert energrond-lieve feïeren. Deï eng hun daat eïst gewielt: Si hun hirt lieven op d'wo geluogt geïnt d'sëcherheet fun hirer famill, deï soss fum feind an d'ongewëssheet fun der friemt deporteïert gi wir. Deï zweet, durch de refus, eïereweï fir de Preis waffen ze droon, mouchen sech mat hirer famill, deï meest deporteïert gouv, zou victime fir d'ganz heemecht.*



I-0927